



N°7484
Entrée le 19.01.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.01.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
Präsident vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Januar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Transportminister weiderzeleeden.

D'Press woussst de 9. Januar ze schreiwen, wéi vill Protokoller duerch d'Radarkontrollen hei am Land 2022 etabléiert goufen. 230.000 Mol sinn Autofuerer zur Staatskeess gebiede ginn, also ronn 630 Mol all Dag. 15.000 Mol waren 145 Euro ze bezuelen, de Rescht waren "Avertissements taxés" vun 49 Euro, also eng Recette vun 12 Milliounen a 710.000 Euro. An et sollen nach weider Radaren opgestallt ginn, mat deelweis erweiderte Funktiounen.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. Wéi e Konzept huet d'Regierung, wat Radaren ugeet? Wéi ginn d'Standuerter vun de Radaren ausgesicht? Wat ass der Regierung no eng maximal Zuel vu Radare fir eis Stroossen? Wéivill sollen der an dene nächste Joeren nach opgeriicht ginn?
2. Kann ee vu gegléckter Präventioun schwätzen, wann d'Zuel vun de "Protokoller" vu 49 Euro an engem Joer ëm 40 Prozent wísst, déi vun den 149-Euro-Avertissementer ëm 300 Prozent?
3. Wat déi 215.000 manner schlëmm Verstéiss ugeet, bei wéi vill vun deene goufe manner ewéi 5 Kilometer iwwert der erlaabter Vitess zeréckbehalen?
4. Wéi vill Akzidenter gouf et duerch stënterlecht Ofbremse virun engem Radar?
5. Konnt d'Zuel vun Akzidenter, op Plazen, wou et a rezenter Vergaangenheet zu déidlechen Akzidenter komm ass, duerch d'Opstelle vun engem Radar verringert ginn?

Mat déiwem Respekt,


Jeff Engelen
Deputéierten


Fernand Kartheiser
Deputéierten